

**6. 7417 - Projet de loi portant modification de :****1^e la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;****2^e la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale**

An ech mengen, domadder kéime mer elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7417, eng Adaptatioun vum Montant vum REVIS a vum Revenu fir Persoune mat engem uergen Handicap. An dat gëtt vu Spezialisten „den RPGH“ genannt. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Georges Mischo, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Mam REVIS, deen 2018 den RMG ersat huet, hu mer eis ambitiéis Ziler gesat. De REVIS ass engersäits dat lescht soziaalt Opfangnetz fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft, déi Schwierigkeeten hunn, sech an den Aarbechtsmaart ze integréieren, anersäits sollen déi nei geschaaft Betreuungsmechanismen a finanziell Incitatiounen d'Leit nach besser derbäi ënnerstëtzen, erëm eng Aarbecht ze fanen, fir esou net méi op d'Hëllef vum Stat ugewisen ze sinn.

Et héiert ee vum Terrain, dass dës Betreuungsmechanisme gutt fonctionnéieren, net zeslecht, well d'Zusummenaarbecht tëschent all den Akteuren, also der ADEM, ONIS an hire Partner um Terrain, virbildlech ass. Nëmmen duerch gutt Aarbecht um Terrain kréie mir d'Leit aus der Aarmut eraus. Dofir ass dës Volet nieft der finanzieller Ennerstëtzung och dee wichtigste vum REVIS.

Och wann et elo nach ze fréi ass, fir den Erfolleg vum REVIS endgültig ze bewäerten, ass et derwäert ze ernimmen, dass de Statec a sengem Rapport « Travail et cohésion sociale » drop hiweist, dass de REVIS remarquablement bien alignéiert ass mam Seuil absolu de pauvreté.

Et ass och remarkabel, dass mir elo scho fir d'Zweet ënnerhalb vu sechs Méint d'Montante vum REVIS an och déi vum RPGH, also dem Revenu pour personnes gravement handicapées, an d'Luucht setzen. Dës Adaptatiounen gescheien natierlech parallel zu deene vum Mindestloun.

De Koalitiounsaccord gesäit vir, an et ass virdru jo hei oft genuch ernimmt ginn, dass de Mindestloun ëm 100 Euro netto an d'Luucht geet. Zousätzlech zu den 1,1 %, déi den 21. Dezember 2018 op dëser Plaz festgehalen goufen, ginn de REVIS an den RPGH also nach eng Kéier ëm 0,9 % an d'Luucht, dëst réckwierkend op den 1. Januar 2019.

D'IGSS schätzt, dass dës zweet Hausse fir den Exercice 2019 mat 2,9 Milliounen Euro op d'Wo schléit. Mir sinn eis, mengen ech, alle guerten eens, dass dës gutt investéiert Sue sinn, fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft ze ënnerstëtzen. Loosst eis och net vergiessen, dass dës Leit nach vu villen anere Sozial- a Sachleeschungen profitéieren, déi déi lescht Joren agefouert goufen. Ech denken hei un d'Allocation de vie chère, d'gratis Kannerbetreuung, d'Subvention loyer, d'gratis Schoulbicher am Secondaire an esou virun. Do derbäi kënnt an deenen nächste Joren och nach de gratis ëffentlechen Transport an d'Gratuitéit vun der Maison relais während de Schoulzäiten.

Dës Sachleeschungen ënnerstëtzt virun allem d'Famillje mat Kanner a Monoparentallen a besonneschem Mooss. Et sinn näamlech si, déi statistesch am meeschte vum Aarmutsrisiko be-traff sinn. Dofir ass et och net vun ongeféier, dass och de REVIS Famillje mat Kanner a Monoparentalle finanziell méi staark ënnerstëtzt.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

All dës Mesuren ënnersträichen déi gutt Sozialpolitik, déi mir zu Lëtzebuerg bedreiwen an och an Zukunft wëlle weider verbesseren. Dofir ginn ech och direkt hei den Accord vun der Demokratescher Partei a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Georges Mischo (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, als Aller-

éischt wollt ech emol dem Virriedner, dem honorabelen Här Max Hahn, villmools Merci soe fir säi Rapport. Wéi elo scho grad erwänt ginn ass, gi mat dësem Gesetzesprojet d'Basismontante vum REVIS a vum Revenu fir Leit mat engem schweieren Handicap ëm 0,9 % an d'Luucht.

Viru bal genee engem Joer gouf hei an der Chamber de REVIS gestëmmt. Mir als CSV-Fraktioun haten dee Projet net matgestëmmt. A mäi Fraktiounskolleg, de Marc Spautz, hat deemools a senger Ried Kritik um Projet ausgeübt. Kriticken, déi mir als CSV nach ëmmer oprechterhalen.

D'CSV-Fraktioun konnt sech virun allem mam Prinzip selwer vum REVIS net averstane weisen, well d'Recht op e Mindestakommes net méi garantéiert ass. Och de Statsrot hat sech a sengem Avis immens kritesch dozou geäussert.

Am Dezember d'lescht Joer hate mer dunn an der Chamber schonn eng éischt Erhéijung vum REVIS an dem Revenu pour personnes handicapées vun 1,1 % gestëmmt. Mat dësem Projet kréie mer dann eng weider liicht Erhéijung vum dësem Montant no uewen. Dat ass och richtig esou, well soss den Ecart tëschent der Erhéijung vum Mindestloun an dem Mindestaz vum REVIS weider géif an d'Luucht goen.

Dofir muss och de REVIS deementsprechend ugepasst ginn. De Mindestloun, de REVIS, wéi och den RPGH si wichteg Eckpfeiler vun eise Sozialsystem an droen zu enger méi gerechter an inklusiver Gesellschaft an engem solidareschen Zesummeliewe bäi.

An deem Sënn ënnerstëtzt d'CSV-Fraktioun och dës Projet. An heimadder ginn ech dann den Accord vun der Fraktioun, fir dësem Gesetz zoustëmmen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mischo. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton agedroen. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'LSAP begréisst dës Upassung vum Revenu d'inclusion sociale an dem Revenu pour personnes gravement handicapées als Pendant zu der Upassung vum Mindestloun ausdrécklech, well, dat ass wichtig nach eemol ze betounen: Dee Parallelismus ass keen Automatismus.

Tatsächlech sinn den RMG an den RPGH an der Vergaangenheet net ëmmer parallel zu den Adaptatiounen vum Mindestloun virgeholl ginn. Tëscht 2011 an 2013 ass den deemolegen RMG an och den RPGH zum Beispill net ugepasst ginn. Dat war zu där Zäit, wou oft dovunner rieds war, dass den RMG ze héich wier an dass et sech net géif lounen, fir fir de Mindestloun schaffen ze goen. Dat war deemools an och nach haut eng Behauptung, déi een esou net am Raum ka stoe loosse.

Gesot gouf ëmmer, dass RMG- respektiv REVIS-Empfänger bewosst de Stat géifen ausnotzen an net wëlte schaffe goen. Schwarz Schof ginn et iwwerall, mä et sollt een definitiv net seng Politik exklusiv op si ausrichten, well soss bleiwen déi op der Streck, déi d'Hëllef an d'Ennerstëtzung batter néideg hunn, well se aus verschiddene Grënn net kënne schaffen.

Als Rappel nach eemol: De Projet de loi, iwwert dee mir hei diskutéieren, erhéicht de REVIS an den RPGH ëm 0,9 %, d'selwecht wéi beim Salaire social minimum. Dës Erhéijung kënnt bei d'Upassung ëm 1,1 % derbäi, déi mir am Dezember hei gestëmmt hunn. Allerdéngs kënnt beim Mindestloun dann nach de Crédit d'impôt salaire social minimum derbäi. Dat si bis zu 70 Euro zousätzlech.

D'Empfänger vum REVIS an dem RPGH kommen net oder nëmmen zum Deel an dee Genoss, mä Menagen, déi Revenuen ëm de Mindestloun hunn, deenen hir Revenuen awer ënner dem REVIS-Seuil leien, déi komme wuel an de Genoss vum Crédit d'impôt, well fir d'Berechnung vun der Allocation d'inclusion de Brutto consideréiert gëtt an net den Netto.

Här President, dat ass eis als LSAP ganz wichtig, well e groussen Deel vun de REVIS-Bezéier schaffen a si wat een ënner Working Poor versteet. Hire Salaire ass par rapport zu hirer Liewens- a Familijsituatioun ze niddreg, fir kënnen dervun ze liewen. Duerfir ass dee Parallelismus bei der Upassung vum Mindestloun an dem REVIS esou wichtig.

Déi Fro, déi bleift an déi och a verschiddenen Avisen opgeworf gouf: Geet dës Augmentatioun duer? D'Äntwert ass kloer neen, well d'Montante vum REVIS an dem RPGH leien awer nach ënnert deem, wat ee brauch, fir dezent ze liewen, virun allem hei zu Lëtzebuerg.

An de leschte Joren hunn déi verschidden Erhéijungen, grad ewéi d'REVIS-Reform, d'Situatioun verbessert. Duerch d'Ëmsetze vum

REVIS-Gesetz gëtt d'Begrenzung vun enger Measure pro Stot opgehuewen. Dat heescht, dass an Zukunft wäert all Erwuesenen e Recht op Bedeelegungs- an Aktivationsmesuren hunn.

Generell goufen an de vergaangene Jore vill Mesuren am Beräich Aarmutsbekämpfung agefouert oder verbessert, fir de Leit ënnert d'Aerm ze gräifen, wéi zum Beispill d'Subvention de loyer, den neie Berechnungsmodus fir d'Allocation de vie chère, d'gratis Kannerbetreuung an d'gratis Schoulbicher. All dës Mesuren hëllef deene Mënschen, déi en niddregt Akommes hunn a sinn dofir wichtig.

Här President, fir d'LSAP bleift d'Zil awer, dass jiddwereen och soll kënne vu sengem Akommes liewen. Déi zwee Projet-de-loie vun haut si weider wichtig Schrëtt an déi Richtung, an ech soen lech dofir och elo Merci fir Äert Nolauschteren. Ech wëll nach just dem Rapporteur och Merci soe fir säi Rapport a ginn domadder natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci dem Max Hahn fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Viru siwe Méint hunn ech meng éischt Ried an der Chamber zur Erhéijung vum REVIS an dem RPGH gehalen. Siwe Méint méi spët ass dës Sujet nach ëmmer esou pertinent a kruzial wéi deemools. Fir eis ass et elo eng kleng Gesetzesupassung, déi eng Suite ass vun deem, wat mer am Kader vum Koalitiounsaccord entscheet hunn. Am Dezember hu mer hei schonn iwwert d'Bekämpfe vun der Aarmut geschwat an déi entspreichend Gesetzer zum Mindestloun, dem REVIS an dem RPGH gestëmmt.

Och haut gouf dëst Thema vu menge Virriedner schonn an der Déift beschwat. Wichtig ass mir awer och, dass mir dëst ëmmer erëm thematiséieren an ugin. Et weist och deene Leit, déi betraff sinn, dass mir si an der Politik net vergiess hunn. Fir si maache mer Politik, fir si setze mer eis an, fir duerch eis politesch Gestaltung géint sozial Ongläichheeten unzëckämpfen.

Et sinn déi vulnerabelst Mënschen aus eiser Gesellschaft, déi de REVIS bezéien. Si fannen aus verschiddene Grënn oft guer net oder nëmme schwéier den Zougang zum regulären Aarbechtsmarché. Oder si ginn enger Aarbecht no, bei där d'Akommes net duergeet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Nieft regelméisseg globaler Evaluatioun ass awer och grad d'finanziell Upasse vun de Montanten op regelméisseg Basis néideg. Dëst maache mir haut retroaktiv op den 1. Januar 2019 a sollten et nieft deene verschiddene Sachleeschungen, déi et nach gëtt, och an Zukunft ëmmer erëm maachen, fir géint d'Aarmut an d'Exklusivitéit zu Lëtzebuerg ze kämpfen.

Här President, ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Ech soen och dem Här Hahn villmools Merci fir de Rapport. Dat heien ass eppes, wat mir selbstverständlech ënnerstëtzen. Et wier gutt a wünschenswäert, wa mer net ëmmer missten hei esou Leeschtungen hécken (veuillez lire : héijen), wat mer awer natierlech maachen, mä et wier och gutt - dat ass vläicht en Opruff un d'Regierung -, wa mer net och géifen Taxen a Steieren héijen, déi et de Leit ëmmer méi schwéier maachen, kënnen hei dezent ze liewen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, wannech gelift.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Och mir wäerten dësem Projet eis Zoustëmmung ginn. Déi Erhéijung ëm 0,9 % fir déi Leit, déi de REVIS kréie respektiv den RPGH, ass nëmme richtig a batter noutwendeg.

Mir haten eis als Land 2010 dozou verpflichtet, fir bis 2020, wat elo nach ongeféier ee Joer ass, den Undeel vun deene Leit, déi an Aarmut liewen oder déi dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, ëm 25 % erofzesetzen. Elo, ee Joer virun deem Stéchdatum, gesäit et esou aus, wéi wa mer den Taux vun deene Leit ëm 25 % an d'Luucht gesat hätten, well ëmmer méi Leit dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

Mir hu beim Gesetz iwwert de REVIS och eng ganz Rëtsch Bedenke gehat, notamment datt e säin eigentleche But, näamlech d'Inclusion sociale, géif verfeelen. Mir wäerten dann hoffentlech an zwee Joer, wann et dann esou wäit ass, och e Rapport doriwwer kréien. Ech mengen, datt et kloer ass, datt déi Leit, déi op de REVIS ugewise sinn, an enger ganz prekärer a schwieriger Situatioun sinn, an déi 0,9 %, déi se elo méi kréien, si batter néideg.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass u sech eng ganz kuerz Ried, déi ech zu deem heite Projet halen, well et ass evident an an der logescher Konklusioun och vun deem, wat mer hei virun e puer Minutte gestëmmt hunn, datt mer och beim REVIS respektiv beim Akommes fir behënnert Persounen eng Augmentatioun maachen. Ech mengen, do ass keen Doute drun, an duerfir kann ech lech och elo scho soen, datt d'Piraten dës Projet wäerte matstëmmen.

Ech reechen awer gläichzäiteg eng Motioun an, déi op e Mëssel hiweist, dee mer virun enger Woch schonn deelweis ugeschwat haten, wéi mer iwwert d'Beruffsausbildung geschwat hunn, a fir déi hei beim Revenu fir Persoune mat Handicap elo de Moment fir eis komm ass, déi dann och ze deposéieren. Et geet näamlech hei drëm, datt mer bei der Beruffsausbildung eppes net gemaach hunn, dat ass, mir hu keen Apprenti handicapé agefouert. Dat ass eppes, wat d'Chambre des Salariés an hirem Avis deemools gefuerdert huet. An et ass eppes, wat och vun den Interesseverbänn dréngendst gefrot ass.

Et ass näamlech esou, datt mer net op där enger Säit kënne soen, datt mer en handicapéierte Mataarbechter zwar entlounen, datt mer awer op där anerer Säit en handicapéierten Apprenti anescht behandelen a soen: Majo, d'Apprentissage gëtt net entlout. Mir soen hei am Haus oft, Aarbecht soll sech lounen. Ma déi heite Motioun gëtt eis d'Méiglechkeet, genau dat ze maachen, se fuerdert d'Regierung näamlech op, a genau deem heite Fall dee Statut an Zukunft anzeféieren an domadder dann och eng Entlounung, eng gerecht Entlounung vun deenen Apprentis handicapés anzeféieren.

Motion 1

D'Deputéiertechamber invitéiert,

- virum Hannergrond vun der Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées de l'ONU du 13 décembre 2006;

a virum Hannergrond vum nationale Gesetz vum 28. Juli 2011, portant

1. approbation de la Convention relative aux droits des personnes handicapées, faite à New York, le 13 décembre 2006

2. approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits des personnes handicapées relatif au Comité des droits des personnes handicapées, fait à New York, le 13 décembre 2006

3. désignation des mécanismes indépendants de promotion, de protection et de suivi de l'application de la Convention relative aux droits des personnes handicapées;

- d'Bedauere vun der Chambre des Salariés aus hirem Avis vum 24.04.2019 deend, dass am Kader vum Projet de loi 7268 net virgesat gouf, en „statut d'apprenti handicapé à l'instar du statut de salarié handicapé“ ze instauréieren;

- bedauerend, dass et duerch d'Virenthale vun enger Remuneration ëmmer nach un enger Valorisation vun der Leeschtung vun Auszubildende mat Handicap mangelt;

- iwwerzeegt dovun, dass d'Autonomie an d'Wäertschätzung vun Auszubildende mat Handicap duerch eng, hirer Leeschtung während der Ausbildung entspreichend, Remuneration considerabel an d'Luucht goe géif;

d'Regierung,

schnellstméiglech déi néideg Schrëtt an d'Weeër ze leeden, fir en „statut d'apprenti handicapé“ gesetzlech festzehalen a virzegesinn, dass och Persoune mat Handicap, déi sech an enger Ausbildung befannen, eng Remuneration fir déi vun hinnen am Kader vun hirer Ausbildung geleeschten Aarbecht erhalen.

(s.) Sven Clement.

Ech soen lech Merci.



Le saviez-vous?

PROJET DE LOI

Le Grand-Duc dispose du droit d'initiative en matière législative, tout comme les membres de la Chambre des Députés. Son initiative, encore appelée initiative gouvernementale, s'appelle « projet de loi ». Celui-ci constitue un texte proposé pour être adopté par la Chambre des Députés. Les projets de loi sont accompagnés d'un exposé des motifs qui contient des développements sur l'objectif et la teneur de la loi proposée ainsi que d'un commentaire des articles.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. Dann huet elo d'Regierung d'Wuert, d'Familljeministesch d'Madamm Cahen.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Jo, villmools Merci, Här President. Ech géif gärden de Virriedner allequerte villmools Merci soe fir hire breeden Accord, dee se deem Gesetz hei zougeséichert hunn. Ech géif awer och gärden dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport.

Mir haten eis engagéiert, de Mindestloun an d'Luucht ze setzen. An et ass nëmmen normal, dass d'Regierung decidéiert huet, och den RPGH an de REVIS dann ëm deen nämlechte Montant, also den nämlechte Prozentsaz an d'Luucht ze setzen. An duerfir sinn ech ganz frou iwwert déi breet Zoustëmmung, déi dat Gesetz haut an der Chamber hei kritt.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7417. Den Text steet am Document parlementaire 7417⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7417 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimadder ofgeschloss.

De Projet de loi 7417 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7417 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul Galles), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. Ordre du jour (suite)

Mat der Motioun, mengen ech, misste mer nach waarden, bis datt jiddwereen déi konnt liesen, soudatt mer déi dann eréischt no deem nächste Projet ofstëmmen.

(Assentiment)**8. Heure d'actualité du groupe technique (ADR) au sujet de l'enseignement de la langue chinoise dans les lycées luxembourgeois et de l'offre relative à d'autres langues**

D'Chamber féiert haut eng Aktualitéitsstonn iwwert de Chineeschunterrecht an d'Offer vun anere Sproochen an de Lëtzebuurger Lycéeën, déi de Groupe technique ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 87 (2) festgehale. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Josée Lorsché an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Fernand Kartheiser als Verrieder vum Groupe technique. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

(M. Fernand Kartheiser ajuste la hauteur du pupitre.)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech maachen nach eng kleng technesch Modifikatioun.

Villmools Merci, Här President. Mir haten, Dir Dammen an Dir Hären, eng Diskussioun iwwert de Chineeschunterrecht viru Kuerzem an där zoustänneger Kommissioun iwwert d'Education. A wa mer haut nach eng Kéier driwwer schwätzen, dann huet dat eng Ursaach, déi iwwert déi Fro vum Chineeschunterrecht eigentlech erausgeet.

Ech wëll zrëckkommen op dat, wat d'CSV-Fraktioun ganz am Ufank vun eiser Sessioun haut gesot huet, nämlech op eng Suerg, datt déi parlamentaresch Aarbecht nach richtig funktionéiert. Et ass eigentlech dat de Sënn gewiescht vun deem, wat den Här Mosar hei virgedroen huet am Numm vun de Kollege vun der CSV. Et ass eng Suerg, déi mir eis och ..., oder op jidde Fall eng Fro, déi mir eis och ëmmer erëm stellen. Et war och zum Beispill e Problem, fir haut déi heite Fro kënnen an der Pleniëre ze diskutieren, obscho mir dat gefrot hunn.

Et muss ee ganz kloer soen: Och ze probéieren, datt e Punkt net bis an d'Pleniëre kënn, kann eng Behënnerung vun der parlamentarescher Aarbecht duerstellen! An et muss ee wierklech de Gambia-Parteien un d'Häerz leeën, sech op dat ze besënnen, wat se gesot hu ganz am Ufank, wéi se déi éischte Kéier an d'Verantwortung koumen, nämlech e gewëssent Engagement fir Oppenheet, fir Demokratie an Transparenz. Et gesäit esou aus, wéi wann dat géif verluer goen, wéi wann eng gewëssen Arroganz vun der Muecht kéim. An et ass dat, mengen ech, wat een hinnen och sollt an Erënerung rufen, nämlech dat däitscht Spréchwuert: „Hochmut kommt vor dem Fall.“ An ech géif lech dat wierklech un d'Häerz leeën!

Wa mer haut also hei iwwert de Chineeschunterrecht schwätzen, dann ass et, well keng legal Basis do ass. An eiser Verfassung, an déi ass ganz kloer an deem Punkt, ass d'Education en Domaine réservé à la loi. Den Artikel 23 seet dat. An ech zitieren en hei: « La loi » - la loi, net de Minister, net e Règlement ministériel, net en Arrêté grand-ducal - « La loi (...) règle pour le surplus tout ce qui est relatif à l'enseignement (...). » Alles, wat an eise Schoulwiese geschitt, muss hei an der Chamber duerch e Gesetz autoriséiert ginn.

Dat ass awer hei net de Fall. An et ass dat, wat mer hei monéieren.

Wat mer afuerdere vun der Regierung, dat ass, datt se eis e Projet de loi presentéiert, an deem och déi Fro hei vum Chineeschunterrecht geléist gëtt.

Et wär elo nach eng Saach, wou ee kéint, et därff een et zwar net, well et geet hei ëm Prärogative vum Parlament, mä wou een nach kéint eng gewësse Flexibilitéit hunn. Mä mir hate virun engem Mount hei als ADR och kritiséiert, datt dës Regierung ëmmer méi probéiert, laanscht d'Parlament ze regéieren. An

enger ganzer Rei vu wichtege Froe ginn international Ofkommessen ofgeschloss, Memorandum of Understanding oder wéi se och ëmmer heeschen, an d'Parlament kritt näischt dovunner zur Ratifizierung virgeluecht.

Mir soen awer als ADR ganz kloer, datt dat onméiglech ass, datt mir drop bestinn, datt d'Parlament respektéiert gëtt vun der Regierung an datt all internationalen Traité och muss hei ratifizéiert ginn, esou wéi eis Verfassung et verlaangt a wéi eis héchste Juridictionen et confirméiert hunn.

Déi heite Fro ass elo eng, an elo kommen ech op de Fong vum Chineeschunterrecht, wéi e funktionéiert. Wéi gesot, et gëtt keng gesetzlech Basis am Abléck. An d'Situatioun an deene verschiddene Schoulen ass am Abléck chaotesch.

Mir hu verschidde Modellen, am Athenäum ass deen een, an anere Schoule gëtt e Fakultativkurs ugebueden. An enger anerer Schoul gëtt et nach en anere Modell. Et gëtt keng eenheetlech Approche an deem Ganzen. Dofir wär et och gutt, fir ze soen: „Hei, mir regelen dat do gesetzlech, fir datt deen Unterrecht op déi an déi Manéier geregelt ass respektiv fir datt de Fakultativkurs och geregelt ass.“ Dat wär wéinstens eng kohärent Approche.

An dat, wat eis och stéiert, dat ass, datt an engem Gebai oder och vläicht op anere Plazen de Chineeschunterrecht eng De-facto-Konkurrenz zum Latäin duerstellt. Et geréit e bëssen an de Vergiess, datt Latäin u sech d'Basis vun deem ass, wat mer haut sinn: 2.000 Joer laang d'Sprooch vun der Wëssenschaft, 2.000 Joer laang d'Lingua franca an Europa. An ech mengen, et ass derwäert, deen Héritage culturel weiderzedroen, Reklamm derfir ze maachen an net dem Latäinunterrecht eng weider Konkurrenz dohinnerzesetzen.

Mir hunn näischt géint den Enseignement vum Chineesch an eise Schoulen. Dat ass eng Weltsprooch, eng wichteg Sprooch, eng UNO-Sprooch, eng Sprooch, iwwert där hir Wichtigkeet iwwerhaapt net muss diskutéiert ginn. Mä et muss een dat esou maachen, datt et an een allgemenge Konzept erapasst, an et muss een et och esou maachen, datt d'Schüler keng falsch Erwaardungen hunn. Deen allgemenge Konzept, dee kéint zum Beispill sinn am Kader vun enger Sproochesektioun, do huet dat seng Plaz.

Mir haten hei schonn als ADR op jidde Fall, an der Vergaangenheet och aner Parteien, ëmmer gefuerdert, datt zum Beispill och Lëtzebuergesch als Sprooch sollt eng fest Plaz an enger Sproochesektioun an eise Lycéeë kréien.

Mir hunn et alt gefuerdert, datt weider indogermanesch Sproochen, déi méi liicht ze léiere sinn, wou ee reelle Progrès méi liicht ze réalisieren ass, och sollen an eis Sproochen opgeholl ginn. A mir haten do eng grouss slawesch Sprooch, nämlech Russesch proposéiert, déi komplett an eise Schoulssystem feelt, wat ganz schued ass, well et ass och wéi d'Chineesch Weltsprooch, UNO-Sprooch, d'Sprooch vun internationalen Organisationen, gëtt vun iwwer 200 Milliounen Leit geschwat an huet och hei am Land eng ëmmer méi grouss Bedeitung.

An och d'Chineesch kann enseignéiert ginn. Mir sinn déi Lescht, déi soen, mir wär géint eng Ouverture zu anere Sproochen. Mä wéi gesot, et muss e Gesamtkonzept sinn. A fir d'ADR huet ëmmer Lëtzebuergesch déi éischt Prioritéit.

Dat ass also e Kader, dee mer proposéieren. An dofir wëllt ech dat elo nach eng Kéier resuméieren.

Éischtens, mir hätte gär eng gesetzlech Basis, well d'Verfassung et esou virgesäit. Mir verlaangen also vun der Regierung, datt se eis méiglechst kuerzfristig e Projet de loi heihinner virleeë kënn.

An zweetens hätte mer gär eng strukturéiert Approche vum Chineeschunterrecht an de Schoulen, déi de Kanner oder deene jonke Leit keng falsch Erwaardunge mécht. Well deen Niveau, dee se am Abléck erreechen, ass relativ niddreg. Wann een do déi zwee Tester kuckt, wann een dat am internationale Verglach an de Referenztabelle kuckt, entsprécht dat an der Praxis deem, wat an engem europäesche Kader vum Conseil de l'Europe méi oder manner en A2 ass. Dat ass net vill. A fir dann déi Illusioun ze erwächen, domadder kéint ee studéiere goen a China oder eventuell eng Plaz kréie bei enger chinesescher Firma, dat ass einfach ze héich gegräff. Dofir muss den Enseignement vum Chineesch an och mat senger Finalitéit iwwereneestëmmen.

Wann een et als Fakultativkurs wëllt ubidden, da kann een dat maachen ënnert der Form vun enger Introduction an déi chinesesch Zivilisation a Kultur mat e puer Sproochenelementer, mä da muss och dat kloer definéiert sinn.

Wann een et am Kader vun enger Sproochesektioun mécht, muss een de Schüler vun Ufank u

kloer soen, wat déi reell Equivalenz ass vun deem, wat se kënnen als Ofschloss kréien, inklusiv wa se géifen eng Premiëre an deem Fach maachen a wat dann effektiv hir berufflech Perspektive sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Villmools Merci, Här President. Wéi ech gelies hunn, datt mer déi Heure d'actualité haut hätten, hunn ech mech gefrot, op wat den Här Kartheiser a priori eraus wëllt: Ob mer géifen eng Diskussioun féieren iwwert d'Chineesch oder de Sproochenunterrecht am Kader vun der Matière réservée à la loi, ob mer géifen eng Diskussioun iwwert d'Pädagogie, d'Finalitéiten, d'Zilsetzung vum Chineeschunterrecht maachen, ob mer géifen e Verglach tëschent Chineesch a Latäin an d'Wichtigkeet vun deem engen a vun deem anere respektiv d'Konkurrenz vum Chineesch fir d'Latäin maachen oder ob mer am grouse Ganzen eng Diskussioun iwwert d'Offert vun de Sproochen am Lëtzebuurger Unterrecht géife féieren.

Elo ass et e Mix e weéng vun deene véier ginn. An ech wëll och an deene fënnf Minutte just kuerz e puer Prinzipie soen, no deene mir eis wëlle richten.

Dat Éischt, dat ass, fir eis ass ganz kloer, datt d'Education eng Matière réservée à la loi ass an och soll an der neiier Constitution bleiwen. Dat ass absolutt evident fir eis. A wann dat heescht, datt alles, wat prinzipiell an der Schoul geregelt gëtt, also muss iwwert d'Gesetz geregelt ginn, gëllt dat natierlech och evidenteweis an eisen Ae fir de Chineeschunterrecht.

Wann ee sech elo ka virstellen, datt verschidden Optiounen, déi am Gesetz jo virgesi ginn, kënnen Chineesch sinn, ouni datt mer eng gesetzlech Basis brauchen, ass et awer gradesou evident, wa Chineesch ageféiert gëtt, esou wéi et am Kolléisch ass, quasiment amplat vum Latäin, an eng ganz Filière d'Kanner oder d'Schüler begleede soll bis op d'Première, da kann een dat vläicht kuerzfristig maachen als Expérience pilote. Mä spéitstens no engem oder zwee Joer brauche mer eng gesetzlech Basis. Do schlësse mer eis also der ADR un, fir u sech d'Regierung ze froen, esou schnell wéi méiglech mat engem Gesetzestext ze kommen, deen dat dann och assuréiert.

Zweete Punkt, dat ass den Niveau, dee mer iwwert de Chineeschunterrecht an eise Schoulen erreechen. Wa gefrot gëtt hei vum Här Kartheiser, datt et en Niveau soll sinn, deen eis et géif erlaben, op chinesesch Unien ze kommen, esou mengen ech, datt dat an eisen Aen net onbedéngt muss déi Zilsetzung sinn, déi mer mat deem Unterrecht hunn. Mir mengen, datt eng Ouverture d'esprit an och eng Rei Basisknowledge vum Chineesch fir eis wichtig sinn, well et gëtt eis, egal op wat fir engem Niveau, en onwahrscheinlechen Avantage duerno am Berufsliewen, mä awer och fir déi Schüler, déi wëllen op europäesch Unie kommen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Well hei schwätze mer jo oft vu Schüler, déi e gudd Curriculum wëllen hunn an déi sech op eng Filière aschreiwen, wou se méi kënnen léiere wéi dat, wat se normalerweis misste léieren, also deenen d'Léiere liichtfält, déi sech also fräiwëlleg engem schwierigen Exercice ënnerleeën, déi also duerno och wëllen op kompetitiv Unie goen. An e Basisknowledge vum Chineesch mécht engem vun enger Rei groussen Unie schonn d'Dieren op, well vill Topuniversitéiten hu Curriculummen, déi zesumme mat chineseschen Unien haut ugebuede ginn a wou ee scho gutt huet, wann een eng Basis vum Chineesch huet, egal op wat fir engem Niveau, fir d'Accessioun zu deenen Universiteiten an zu deene weltwäit vill gesichtene Curriculummen ze kréien.

D'LSE huet mat Beijing University, d'Sorbonne mat Renmin University respektiv d'WHU mat Shanghai University Ofkommessen, fir esou Schüler ze huelen. Also ass et fir eis e Pluspunkt. Deemo ass et gutt, wann et gemaach gëtt.

Drëtte Punkt ass d'Konkurrenz mam Latäin. Do soen ech ganz kloer, datt dat u sech fir eis am Fong keng Fro ass. D'Zilsetzung vum Latäin ass fir mech ... Also eis Zilsetzung soll et elo net sinn, d'Latäin ze protegieren als Sprooch. Dat ass jo net d'Zilsetzung vun der Schoul. Eis Zilsetzung soll et sinn, d'Offer fir d'Kanner esou grouss wéi méiglech ze maachen.

Latäin unzibide fir déi, déi dat wëlle maachen, mä d'Offer esou opzemaachen, datt natierlech déi chinesesch Offert och do ass an